# Deklaratioun zum Budget rectifié 2023 an dem Budget 2024

28. Dezember 2023

Här Buergermeeschter,
Dir Dammen an Häre Schäffen a Conseilleren,
Dir Dammen an dir Hären,

D'Fraktioun « Besser Zesummen » géif gäre fir d'alleréischt jidderengem Merci soen, sief et d'Beamten oder d'Politiker, déi um Budget geschafft hunn an och dem Buergermeeschter, deen de Budgetsprojet an de grousse Linnen virgedroen huet.

De Vote vum Budget ass all Joer déi wichtegst Decisioun vum Gemengerot. Dat soll een net op déi liicht Schëller huelen. Dofir hu mir als Fraktioun an als Biergerlëscht d'Propositioune vum Schäfferot am Detail gekuckt an analyséiert.

Eng provisoresch Versioun vum Budget 2024 krute mir an enger Aarbechtssitzung de 5.12.23 an de grousse Linne mëndlech virgedroen an um Ecran « gewisen », ouni dass mir eng Kopie am Virfeld oder Seance tenante kritt hätten.

Studéiert hu mir esouwuel déi Versioun déi mir, fir déi wéinst Formfeeler annuléiert Sitzung vum 21.12.2023 kruten, wéi och déi Versioun, déi mir fir d'Sitzung vun haut kruten, an déi sech komescherweis anescht presentéiert huet.

Obwuel mir dat extra gefrot hate, krute mir keng detailléiert Zuele wat wou geännert gouf tëscht deenen zwou Versioun, mee just, op Nofro, eng zimmlech graff Explikatioun betreffend d'Gerance vum Schwéidsbenger Hafen, den dann entgéngt fréieren Aussoen, am Joer 2024 nach net vun der a.s.b.l. „Erliefnis Baggerweier" géif iwwerholl ginn.

Mir hunn eng Oplëschtung vun de Propriétés mobilières an immobilières gefrot. Do goufe mir vertréischt, dass déi Informatiounen un de Gemengerot weider gereecht ginn, wann se komplett sinn. Kann een doraus schléissen, dass et keng esou eng Oplëschtung gëtt ? Soss kéint een déi jo direkt kréien, an eng Mise à jour kéint jo nogereecht ginn. Dont acte.

An déer Sitzung vum 5.12.23 an och dono si mir als Gemengerot net gefrot ginn, ob mir Iddien a Posten hätten, déi mir wéilten am Budget dran hunn. Dat ass schued.

Erlaabt eis elo déi grouss Aggregater vum Budget 2024 kuerz ze kommentéieren.

# 1. <u>Budget ordinaire 2024</u>

## Dépenses ordinaires

Dee Budget ordinaire deen elo zum Vote hei vrun eis läit, huet eng Rei Punkten, déi ee ka positiv oder negativ bewäerten, als Beispiller :

- Mir begréissen , dass d'lafend Geschäfter vun der Gemeng am ordinaire Budget ofgedeckt ginn, inklusiv de neie Kollektivvertrag fir eis Ronn 35 Salariéen, dee mir als Fraktioun matgedroen hunn ;

- Mir bedaueren, dass eis Propositioun um soziale Plang, fir de Montant vum Complément commual zur ‚Allocation de vie chère vum Fonds National de Solidarité' vun aktuell 40% op 60% eropzesetzen, vun der aktueller Majoritéit ofgeleent ginn ass, mat ganz wéineg pertinenten Argumenter.

## Recettes ordinaires

Hei huet d'Gemeng d'Chance (mee absolut kee Mérite), dass an de leschte Joren d'Dotatioun vum Staat ëmmer nees an d'Luucht gaangen ass.

De Budget ordinaire soldéiert sech mat engem Boni vun eppes méi wéi 5 Milliounen Euro. An eisen Ae wier dat déi maximal Somme déi een aus dem ordinaire Budget kéint gebrauchen, fir extraordinäre Projete weiderzedreiwen, zum Beispill fir zukünfteg Emprunten ze bedéngen. De Schäfferot gesäit dat anescht, gëtt awer heizou keng Erklärungen, dozou herno méi.

# 2. <u>Budget extraordinaire 2024</u>

## Dépenses extraordinaires

Esou wéi an eisem Walprogramm scho matgedeelt, stelle mir déi noutwendeg Infrastrukturaarbechten net a Fro an hoffen, dass de Schäfferot do d'Prioritéiten op den « utile » an den « nécessaire » zentréiert.

Do wou mir net kennen d'Accord sinn, dat ass wann op Prestige-Projete gesat gëtt wéi z.B. de Klosbam (nei Zentralschoul), Vestiairen zu Riemeschen um Terrain déi duebel esou vill kaschte wéi geplangt oder och nach den zousätzleche Stack um Bau fir technesch Servicer zu Schwéidsbeng.

Mir vermëssen am Exraordinaire :

- Posten am Budget fir eng Visioun « Schengen 2040 » mat professioneller Begleedung ausschaffen ze loossen, fir dass d'Gemeng mol ee Kompass huet an den Norden net verluer geet ;

- Posten am Budget fir den Ënnerhalt / Ausbau vun de besteeënde Schoulen, en attendant, dass méiglecherweis an enger ganzer Rëtsch vu Joren, eppes Neies géif entstoen;

  [ De Projet Zentralschoul um Site Klosbam entsprécht schonn haut net méi, am geréngsten, dem Projet deen der Populatioun am Mäerz an d'Bréifboîte verdeelt gouf, respektiv deem, deen op enger Infoversammlung vru méi wéi 2 Joer virgestallt ginn ass . Ze fäerten ass, dass bei dësem Projet genau esou gewurschtelt gëtt fir Käschten ze spueren, wéi bei anere Projeten déi aktuell am Gespréich sinn an genau de Contraire geschitt – et wäert vill méi deier kaschten wéi geduecht.]

- Posten am Budget déi op eng kohärent an nohalteg Politik an de Beräicher vu Kultur an Tourismus zielen. Theme sinn hei Europa (Schengen), Schwéidsbenger Hafen, Baggerweiere Riemeschen (inklusiv de Site Klosbam), regional Kulturhaaptstad 2035, a villes méi. Hei gëtt aktuell just gebastelt, nom Prinzip ‚au coup le coup', ouni eng Visioun, an ouni een budgetäre Plang, dee méi wéit ziilt wéi déi eegen Nues.

### Recettes extraordinaires

Déi sinn natierlech zum Deel enk un Dépenses extraordinaires gebonnen, wéi zum Beispill bei der Marie-Astrid an dem Schengen Musée, wou jo d'Subventioune vum Staat un de Projet gebonne sinn.

Op der anerer Säit fiert de Schäfferot riicht weider mat dem Verkaf vum « Tafelsilber ». Am Budget 2023 gouf et ee kräftege Grëff an d'Reserven ( 4,5 Milliounen Euro) plus de Verkaf vun Immobilien. Dëst Joer bleift eis de Grëff an d'Reserven aspuert mee et ass awer virgesi fir Terrainen am zweestellege Milliouneberäich ze verkafe. Dat ass keng gesond an nohalteg budgetär Approche.

## 3. <u>Scholden a Reserven</u>

D'Majoritéit weist eis haut e Budget, deen sou ze soen ‚keng Scholden' opweist, mat ‚Reserven' déi bei ronn 6 Milliounen € leien.

## 4. <u>Fazit</u>

De Schäfferot proposéiert ee Budget mat engem globalen Iwwerschoss vu knapp 5,4 Milliounen Euro. Üblech ass, dass een ëffentleche Budget eng schwaarz Null soll schreiwen, also ee Budget am Equiliber.

D'Fraktioun „Besser Zesummen" huet d'Gefill, dass de Schäfferot de Norden an de Gemengefinanze verluer huet, an dass e besser berode wier, net permanent Immobilie ze verkafe fir Prestige-Projeten ze finanzéieren, déi absolut net an eng global, nohalteg an laangfristeg Visioun agebonne sinn. Dat ass wéi wann ee Wënzer permanent Wéngerte verkeeft fir sech nei Trakteren ze kafen. Dat ass ee Geschäfts-Modell, deen op d'Längst net opgeet. Der Fusiounsgemeng Schengen, mat all hirem Potential, gëtt des kuerzsichteg Politik net gerecht.

All Conseiller, deen den dote Budget matstëmmt, handelt an eisen Aen onverantwortlech an zeechent sech duerch wéineg Respekt zum „patrimoine public“ aus.

De Budget 2024 ass kënstlech opgeblosen an entsprécht net der Realitéit um Terrain an och net dem Wonsch vun op mannst engem Drëttel vun den Awunner. Et missten eigentlech 5 Millioune manner u Verkeef vun Immobilië virgesi sinn. Amplaz bräichte mir dringend ee globalen nohaltege budgetäre Finanzplang fir eis Fusiounsgemeng Schengen.

Wéi gesot vermësse mir ganz vill Akzenter, déi fir eis politesch Prioritéite stinn, laut eisem Walprogramm.

Als Fraktioun « Besser Zesummen » kënne mir dës onvirsichteg an abenteuerlech Finanzplanung net ënnerstëtzen an dofir stëmme mir, gutt iwwerluecht an decidéiert, géingt deen heite Budget fir 2024, grad ewéi géngt de Budget rectifié fir 2023.